

# Forum & Dag vum 3ten Alter

## Sa. 17 Mee
13.00 - 18.00 Auer

## zu Waasserbëlleg am Centre Culturel
**Fräien Entrée**

**An der Kaffisstuff gëtt et de ganzen Nomëtteg, Kuch, Taarten, Kaffi a Gedrénks.**

Mäertert-Waasserbëlleg
Commune de Mertert

Commission du 3e âge

# PROGRAMM

## 13.30 Auer

### FRANS MEULMEESTER, PSYCHOTHERAPEUT

**Titel: Familljemembere vu Mënsche mat Demenz.**

De bekannten hollännesche Psychotherapeut Frans Meulmeester hält e Virtrag iwwer d'Défien vu Familljemembere vu Mënsche mat Demenz. Dobäi geet et ëm Froe „wéi erkennt een déi éischt Zeeche vun enger Demenz" oder „wéi ginn ech als Familljemember mat mengem Partner ëm, deen eng Demenz huet?" No sengem Virtrag steet de Frans Meulmeester fir Froen zur Verfügung.

## 14.30 Auer

### MYRIAM HEIRENS

De Service Aidants ass e wichtege Partner fir all déi, déi eng Persoun mat ageschränkter Selbststännegkeet an hirem Ëmfeld begleeden. Duerch Berodung, Ënnerstëtzung a Propositioun vun adaptéierte Ressourcë soll dem Aidant säin Alldag verbessert ginn a seng an där begleeter Persoun seng Liewensqualitéit esou héich ewéi méiglech erhal ginn.
An der Presentatioun wäerte mir d'Missiounen an d'Aart a Weis vun der Ënnerstëtzung vum Service Aidants, u ween en sech riicht, d'Definitioun an d'Roll vun engem Aidant an déi verfügbar Ressourcen an Informatioune virstellen.

## 15.15 Auer

### BEIENHAUS ASBL
### VIRTRAG VUM ASTRID LAUTERBACH

**Titel: Virstellung vun der ASBL Beienhaus - partizipativ Wunne 50+.**

D'Asbl Beienhaus versteet sech als eng Denkfabrik vun der Konscht fir gutt al ze ginn duerch d'zesumme wunne fir Mënsche vu 50 Joer un. Hir Visioun ass e gemeinsaamt Liewen an enger Grupp vu 6-12 Leit ze fërderen an där jiddereen seng Nopere selwer wielt. Déi Leit wunnen an enger eegener Wunneng, engem eegenen Appartement an deelen sech awer den Espace commun a si bréngen Iddien, Projet'en an Experienzen an. Esou bleift een aktiv, autonom a schaaft eng Plus-value fir d'Gesellschaft.

## 15.45 Auer

### D'BLËTZ ASBL

Blëtz ass eng Associatioun fir Betraffener vun engem Hiereschlag. Säit 2013 gëtt sech fir Betraffener a Familljemembere wärend alle Stadie vun der Krankheet agesat. D'Comitésmemberen Nicole Backes-Walsch a Yasmine Silbereisen sinn deen Dag sur Place fir iwwert d'Missioune vu Blëtz ze forméieren.

Ausserdeem kläre si doriwwer op, wéi een d'Symptomer vun engem Hiereschlag schnell erkennt a wéi eng Risikofacteuren et ginn.

## 16.45 Auer

### VIRTRAG VUM MAÎTRE JEAN-JACQUES SCHONCKERT, AFFEKOT ZENTER 1986

**Titel: D'Ierfschaftsrecht spillt zu Lëtzebuerg eng wichteg sozial a finanziell Roll.**

Fir virbereet ze sinn, heescht et sech virdru mat der Problematik auserneen ze setzen an déi néideg Schrëtter ze ënnerhuelen, fir dass Äre leschte Wëlle respektéiert gëtt.

An dësem Virtrag gitt der ënner anerem gewuer :

- Wéi eng Forme vun Testament ginn et ?
- Wat muss do dra stoen ?
- Kann/däerf ech eent vun menge Kanner entierwen oder bevirdeelegen ?
- Wat sinn d'Rechter vum iwwerliewende Partner ?
- Ierfschaftssteier
- An nach e ganze Pak voll aaner wäertvoll Informatiounen iwwert d'Ierfschaftsrecht hei am Land

# AUSSERDEEM KANN E SECH OP VILLEN INTERESSANTE STÄNN WEIDER INFORMÉIEREN:

Blëtz a.s.b.l.
Lëtzebuerger Associatioun fir Betraffener vun engem Hiereschlag
Sous le Haut Patronage de S.A.R. la Grande-Duchesse Héritière - a.s.b.l. reconnue d'utilité publique -
neutre du point de vue idéologique, politique et religieux

PARKINSON LUXEMBOURG

club aktiv
club muselheem

gero
KOMPETENZZENTER FIR DEN ALTER

BEIENHAUS
Habitat participatif

POLICE LËTZEBUERG

Aidant.lu

help
All Dag ass e gudden Dag

MW
Mäi Wëllen
Mäi Wee
Association pour le Droit de Mourir dans la Dignité - Lëtzebuerg a.s.b.l.
Reconnue d'utilité publique

help 24

op lamp
Résidence pour personnes âgées
by sodexo

GROUPE HËLLEF
mat Häerz a Verstand

Ambulanz Wonsch
Lescht Erënnerungen schafen

ROMAN WAGNER
ZENTREN FÜR GUTES SEHEN